# 15. uerdentlech Generalversammlung vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg

Freides den 9. März 2012 haten mir eis zu Rolléng op den Fëschweiheren beim Cindy an beim Andy getraff fir an éngem symphateschen Kader eis uerdentlech Generalversammlung ofzehalen. Virum offizielen Deel ass fir unzefänken ewei ëmmer eemol ee bëssen gepootert an den leschten Beschass ausgetosch gin.



Duerno sin mir dann zum offiziellen Deel iwwer gaangen. Et haten sech leider net ganz vill Memberen dëst Joër anfond wat ee bëssen Schued wor emsou méi ewell mir dëst Joër fir déi éischten Kéier eis Generalversammlung zu Rolléng op den Fëschweiheren ofgehalen hun, dëst an éngem Kader deen éngem Club vun Fëscherkollegen wirdég ass. Mir hun dëst

Joër schon hei eis Bannkuren, déi vum Méckenjang an vum Raym Paulus organiséiert gin, iwwer Wanter ofgehalen an hun eis vun Unfank aus un Doheem gefillt, esou dass et nëmmen logesch ass dass mir als Veräin och unstriewen offiziel eis Heemecht op dëser Plaz ze fannen, andeems mir eisen siége social wëllen heihinner verleën.

Ungefaangen huet d´Generalversammlung mat der Begréissung duurch eisen Präsident, den Jean – Jaques May. Hien huet dat vergaangend Joër ee bëssen rekapituléiert an allen Memberen " Merci gesot " déi mat hiren Présencen mat dobäi zougedroën hun dass mir zesummen konnten esou vill schéin Stonnen beim Waasser verbréngen. Den Jeek huet och an ee puer Wieder déi formidabel Aarbecht vum Komité gewirdegt an andeems Hien een speziellen Merci un eisen Sekretäir, den Arendt Erny, ausgeprach huet deen ëmmer déi meeschten Aarbecht am Laaf vun Joër ze verrichten huet, d´Wuert un dësen weidergin. Den Erny huet Eis den neien Programm virgestallt an huet och vun sénger Säit aus dat vergaangend Joër nach éng Kéier opliewen geloos. Als drëtten Riedner wor et dun um Kassenrevisor, den Carlo Mack. Dësen huet eis ausféierlech den Bilan vum vergaangenen Joër gezun, dëst op déi Him eegen akribesch an awer symphatesch Art an Weis an nodeems den Carlo sech ee bëssen erléng geloos gefillt huet bei sénger Missioun fir d´Kees ze kontrolléieren huet dun den Yvon Jerpeldéng Him séng Ënnerstetzung fir d´nächst Joër zougesot. Den Präsident huet duerno missen verschidden Demissiounen aus dem Komité verkënden, dëst net ouni den langjäehregen Komitésmemberen déi zeréckgetrueden sin fir déi geleeschten Aarbecht villmols Merci ze soën. Déi austriedend Komitésmemberen sin duerno unanym an hirer Missioun erëmgewielt gin an den Jeek huet een Opruff gemeet un all Memberen déi gewëllt wären am Komité matzeschaffen, sech beim Komité ze mëllen. Den nächsten Punkt um Programm wor déi alljäehrlech Éierung vun den Gewënner vum Clubfëschen. Hei hat den Raymond Paulus mat sénger drëtten Plaz gewisen dass Hien net nëmmen formidabel Mécken bannen kann mée och wees ewei een domader Fësch fänkt. Den Andy Schrank, eisen Rookie, huet mat der ereechtener zweeten Plaz d´Laat ganz schéin héich geluecht an kann sech elo am nächsten Joër net méi vill no Uewen verbesseren. Genée ewei am leschten Joër wor et awer erëm den Luss deen déi meeschten Chance hat.

3. Plaz den Raymond Paulus

2. Plaz den Andy Schrank

den Clubmeeschter den Luss

Duerno ass och den Präis verdeelt gin fir den décksten Fësch deen am Laaf vum leschten Joër während dem Championat gefaangen gin wor. Dëst Joër haten mir zwee Lauréaten déi sech den Präis hun missen deelen. Och hei huet sech den Andy hervir gedoën mée doderniewt wor et awer deen aalen Fuus, den Yvon, deen dem Andy den Bass gehalen huet.

den Yvon an den Andy

Ofschléissend hun mir dun och erëm éng aal Traditioun opgegraff déi leider an den leschten Joëren verluer gaangen wor. Den Luss huet éng flott Iddi vum Bevot Robert erëm opliewen geloos andeems Hien dëst Joër erëm ee Film mat den Sortiën vum vergaangenen Joër virgefouert huet. Esou hun mir déi ofgelaafen Fëschsaison Revue passéieren geloos an bei énger zünfteger Quiche Lorraine vum Cindy ass esou munech Anekdote nach éng Kéier fir d'Zweet erliewt gin.